QP N°2176

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 10:46, 11/05/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/05/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.**

Dat lescht Joer hat ech de Minister fir Mëttelstand e puer Frone zum Fonctionnement vun der online Verkafsplattform "Letzshop" gestallt. Mam Abroch vun der COVID-19-Pandemie huet de Minister decidéiert, dass de Membersbäitrag vu 500€ fir dëst Joer opgehuewen ass, fir esou den Entreprisen ze hëllefen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gemengen sinn iwwert den Zäitraum vun der Coronakris op d'Plattform bäikomm? Ëm wéi eng Gemengen handelt et sech?
2. Wéi vill Produiten goufe virun der Coronakris op Letzshop ugebueden? Wéi huet sech dës Ziffer iwwert den Zäitraum vun der Coronakris entwéckelt?
3. Wéi vill Clicks goufe virun der Coronakris op Letzshop gezielt? Wéi huet sech dës Ziffer iwwert den Zäitraum vun der Coronakris entwéckelt?
4. Wéi schätzt de Minister déi zukünfteg Entwécklung vun der Plattform Letzshop an?
5. Opgelëscht no Gemeng, wéi vill Geschäfter ware virun der Coronakris op Letzshop ageschriwwen? No der nämleschter Oplëschtung, wéi vill sinn elo wärend der Coronakris bäikomm?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Luxembourg, le 8 juin 2020

REÇU
Par Alff Christian , 15:35, 08/06/2020

Le Ministre des Classes moyennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

**Objet : Question parlementaire n° 2176 du 11 mai 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Le Ministre des Classes moyennes,

Lex Delles

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

E6-00169-2019122-FR

**Äntwert vum Minister fir Mëttelstand, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n°2176 vum 11 Mee 2020 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Zanter Ufanks der Covid-19 Kris si formell gesi keng nei Gemengen dem GIE Luxembourg for Shopping bäigetrueden.

Et sief op dëser Plaz drun erënnert, dass d'Personal vum GIE Luxembourg for Shopping wärend der Krisen-Zäit extrem sollicitéiert gouf, ënnert anerem

- duerch déi kuerzfristeg Aféierung vun der Plattform corona.letzshop.lu déi ee Liwwerservice fir déi vulnerabel Persounen offréiert. Den Opbau vun der Hotline, gebonne mat der logistescher Erausfuerderung vun der Organisatioun vum Stockage, der Liwwerung an der Hotline waren extrem zäitopwänneg a sinn a Rekordzäit ëmgesat ginn ;
- duerch déi héich Ufro vu neie Betriber, déi sech krisebedéngt der Plattform Letzshop wollten uschléissen, souwéi duerch d'Gratuitéit vun der Memberschaft op dëser Plattform

Et ass extrem schwiereg fir eng präzis Zuel vu Produiten unzeginn déi op Letzshop iwwert ee gewëssenen Zäitraum ugebuede ginn. Dës Zuele variéieren, ouni Afloss vu Letzshop, vun Dag zu Dag, jee no Asaz vun deenen eenzelen Händler. Graff gesinn, kann een awer soen, dass aktuell +/- 345.000 Artikelen op Letzshop zum Verkaf stinn. Dëst ass ee Plus vun zirka 15 % am Verglach mat der Situatioun vun virun 3 Méint.

Et stellt een och kloer fest, dass Letzshop eng wichteg komplementar Léisung zum klasseschen Eenzelhandel duerstellt, besonnesch fir déi Betriber déi hir Diere wärend der Kris hu missten zoumaachen. An deem Kontext ass et interessant ze bemierken, dass d'Unzuel vun de Betriber op Letzshop wärend der Corona-Kris ëm 131 geklommen ass (vun 295 op elo 426 Betriber).

Wärend dëser selwechter Period :

- ass déi duerchschnëttlech Unzuel vun de User pro Mount ëm 383 % geklommen (vun 51.111 op 195.763) ;
- ass déi duerchschnëttlech Unzuel vun de Sessioune pro Mount ëm 556 % geklommen (vun 66.667 op 370.551) ;
- ass déi duerchschnëttlech Unzuel vun de Pageviews pro Mount ëm 1.121 % geklommen (vun 228.722 op 2.563.559).

Fir komplett ze sinn, sief op dëser Plaz nach präziséiert, dass um 1ten Go-Live Dag all neie Betrib tëscht 15 an 200 nei Produkter op d'Plattform bréngt.

Duerch de kompletten Abroch vum Ëmsaz vum traditionellen Eenzelhandel konnten eng sëllege Betriber sech iwwert de Wee vum Online-Handel ee klengt Basisakommes sécheren. Och wann ee sech aner Ëmstänn gewënscht hätt, sou hunn iwwert 130 Betriber, bedéngt duerch d'Kris, de Wee an d'Digitalisatioun méi séier ageschloen. D'Covid-19 Kris huet gewisen, dass et wichteg ass fir ee Betrib seng Wueren iwwert méi Weeër unzebidden. D'Plattform Letzshop dréit dofir ee substantiellen Deel dozou bäi fir dass den Eenzelhandel ee gesonde Mix tëschent klasseschem Verkaf an Online-Presenz ka fannen.

Opläschtung no Lokalitéit vun de Geschäfter, déi den Ament op Letzshop aktiv sinn :

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Luxembourg | 101 | Contern | 2 | BRIDEL | 1 | Moutfort | 1 |
| Bertrange | 22 | Differdange | 2 | Brouch | 1 | Niederdonven | 1 |
| Esch-Sur-Alzette | 22 | Ehlerange | 2 | Burmerange | 1 | Niederkorn | 1 |
| Ettelbruck | 16 | Foetz | 2 | Clemency | 1 | Nommern | 1 |
| Echternach | 10 | Hesperange | 2 | Dippach | 1 | Nospelt | 1 |
| Dudelange | 9 | Ingeldorf | 2 | Doncols | 1 | Oberanven | 1 |
| Mersch | 9 | Itzig | 2 | Ehlange | 1 | Oberdonven | 1 |
| Remich | 9 | Junglinster | 2 | Ellange | 1 | Oberkorn | 1 |
| Bereldange | 8 | Koetschette | 2 | Elvange | 1 | Olingen | 1 |
| Grevenmacher | 8 | Marnach | 2 | Erpeldange-sur-Sûre | 1 | Olm | 1 |
| Howald | 8 | Munsbach | 2 | Esch sur Alzette | 1 | Pettingen | 1 |
| Strassen | 7 | Oberpallen | 2 | Eschdorf | 1 | Pommerloch | 1 |
| Diekirch | 6 | Pétange | 2 | Eschweiler | 1 | Pontpierre | 1 |
| Soleuvre | 6 | Rambrouch | 2 | Fennange | 1 | Redange | 1 |
| Wasserbillig | 6 | Redange-sur-Attert | 2 | Folkendange | 1 | Redange/ Attert | 1 |
| Bascharage | 5 | Schuttrange | 2 | Garnich | 1 | Remerschen | 1 |
| Leudelange | 5 | Steinfort | 2 | Goeblange | 1 | Rodange | 1 |
| Wiltz | 5 | Troisvierges | 2 | Gonderange | 1 | Roeser | 1 |
| Heiderscheid | 4 | Weidingen | 2 | Haller | 1 | Roodt-sur-Syre | 1 |
| Alzingen | 3 | Weiswampach | 2 | Heffingen | 1 | ROOST | 1 |
| Berdorf | 3 | Windhof | 2 | Heinerscheid | 1 | Sanem | 1 |
| Bissen | 3 | Wormeldange | 2 | Heisdorf | 1 | Schieren | 1 |
| Clervaux | 3 | Arsdorf | 1 | Heispelt | 1 | Schoos | 1 |
| Colmar-Berg | 3 | Asselborn | 1 | Holzem | 1 | Senningen | 1 |
| Lintgen | 3 | Baschleiden | 1 | Hovelange | 1 | Sprinkange | 1 |
| Lorentzweiler | 3 | Bech | 1 | Kalborn | 1 | Syren | 1 |
| Machtum | 3 | Béreldange | 1 | Kayl | 1 | Wecker | 1 |
| Niederanven | 3 | Beringen | 1 | Kleinbettingen | 1 | Weidig | 1 |
| Schifflange | 3 | Bettborn | 1 | Lipperscheid | 1 | Weiler-la-Tour | 1 |
| Wemperhardt | 3 | Bettembourg | 1 | Mamer | 1 | Wellenstein | 1 |
| Aspelt | 2 | Born | 1 | Michelau | 1 | Winseler | 1 |
| Capellen | 2 | Bourscheid | 1 | Mondorf | 1 | Wintrange | 1 |
| Clémency | 2 | Brandenbourg | 1 | Mondorf-les-Bains | 1 | Wormeldange-Haut | 1 |